



Assemblée générale ordinaire du 30 mars 2012

Allocution du président Fernand Muller

Gudden Owend

Dir Dammen an Dir Hären,
Léif Kolleginnen a Kollegen,

Ech soen Iech merci, dass dir haut den Owend zu esouvill an eis Generalversammlung komm sidd.

Wéi déi Jore virdrun sinn ech besonnesch frou haut och nees eis trei Grënnungsmemberen hei begréissen ze kënnen: déi Häre Maurice Schmitz, Pierre Trausch a Clément Engelman. Hinnen hu mir et ze verdanken, dass et d'AGC gëtt, well si hunn se 1975, zesumme mat anere Kollege gegrënnt.

Begrëisse wëll ech awer och eise fréiere President de Michel Schmitz (an seng Mme), awer och all aner Ancienën a fréier Memberen aus dem Bureau exécutif an aus dem Comité vun der AGC.

Desweidere begréissen ech den Här Romain Wolff, Generalsekretär vun der CGFP, den Här Georges Muller, Direkter vun der Chambre des fonctionnaires.

D'lescht Joer hate mir eis Generalversammlung zu Dummeldéng de 4. Abrëll.

2011 war schonn e ganz mouvementéiert Joer. Dëst Joer war bis elo nach schlimmer an et sinn eréischt 3 Méint eriwwer. A China ass 2012 d'Joer vum Draach, e Fabeldéier wat Feier späitzt. Zu Lëtzebuerg ass et ähnlech, wéinst de Reformen an der FP a besonnesch wéinst de Spuermoosname vun der Regierung ...

Well eise Generalsekretär iech herno am Détail informéiert iwwer dat wat mir an de leschten 12 Méint geschafft hunn, wëll ech an dëser Introduktioun emol méi wäit aushuelen, mat Iwwerleeungen zur Aktualitéit am Land an och an Europa.

Et kann een sech an dësen Zäiten désorientéiert fillen. Et weess een net méi wat richteg a wat falsch ass. Zuelen a Prozenter déi quasi all Dag duerch d'Medie geeschteren sinn net méi ze verstoen an dacks net ze gebrauchen. D'Patronat seet Saachen déi radikal géint alles geriicht sinn wat sozial ass. D'Politik seet Saachen déi meeschtens staark iwwerdriwwe sinn, an et stellt sech d'Fro ob mir net alleguer manipuléiert ginn?

Dat europäescht Ëmfeld schwappt ëmmer méi op eist Land iwwer. Den Euro ass nach laang net iwwer de Bierg. Eise Finanzminister ass nach net fäerdeg mat der Bankerettung a kënnegt seng eege Spuermoosnamen un. De Logementsminister kritt näischt op d'Rei. Den Arméiminister muss den Opstand vun de Boxemännercher ofwieren. De Chef vum Statec proposéiert eis de PIBien-être nom Motto d'Geld eleng mécht net glécklech. De Chef vun eiser Zentralbank, deen eis Goldreserve fir en Apel an e Stéck Brout verkaf huet, wëll dat elo och zu Frankfurt probéieren. Den Tram, d'Bommeleeër, d'Fëmmgesetz an de Moment d'Staatsbeamte beschäftegen d'Gemidder am Land. An dann huet Lëtzebuerg neierdéngs nach en neie Patronsclub fir géint d'Fonction publique ze hetzen. Dee Club heescht 5vir12. Den Numm ass gutt gewielt well dat ass déi Zäit wou déi Herrschafte gewéinlech op den Apéritif ginn...

Wann et ëm d'Schuldekrise an Europa geet, da gëtt den Discours ganz onverständlech.

Jorzéngtelaang krute mir gepriedegt, dass de Kredit zur Ekonomie gehéiert, wéi de Refrain zum Lidd. Der Rei no war dat: Kredit – Invest – Wuesstem – Räichtum. Hei op eemol ass dat net méi wouer an et gëtt gesot de Staat misst seng Scholden zrëckbezuelen. Dat griichescht Vollek krut gesot et misst elo emol op 30% vun sengem Akommes verzichten fir d'Schulde vum Staat ofzebauen. Kee Wonner dass dat direkt an eng Rezessioun gefouert huet.

De Spueresfort dee vun de Griiche verlaangt gëtt ass skandaléis, mä kee Politiker huet de Courage fir d'Geld do ze huele wou et ass. Net d'Vollek ass responsabel fir déi Situatioun, mä wéi ëmmer d'Politik, de System, an och d'Banken déi es ni genuch kréien. Si hunn d'Wucherzënsen kasséiert mat Hëllef vun de Rating-Agencen déi all gudden Dag en anert Euroland erofstufen. D'Schuldekrise an Europa huet dann als Konsequenz, dass d'Regierungen a quasi allen Eurolänner Austeritéitspläng duerchsetzen. Dovun ass dann natierlech d'Fonction publique als éischt betraff. Och hei zu Lëtzebuerg.

Steieren a Staatsbudget

Nom Superjoer 2010 gouf et e Superjoer 2011 wou d'Recette vum Staat nach eemol zolitt eropgaange sinn. An da seet de Finanzminister et misst nach méi gespuert ginn an zielt 4 Bléck op wou an Zukunft onbedéngt muss gespuert ginn (1 Block dovun ass d'FP).

Leider intresséiert hien sech net genuch fir d'Säit vun de Recetten. D'Fraude fiscale z.B. ass fir hie keen Thema, och wann dee Problem ëmmer méi grouss Ausmoossen unhëlt. Dat ass definitiv en Tabu hei am Land, leider och an de d'Medien.

Verschiede Kategorie vun Contribuable déclaréiere nach just wat se wëllen, anerer bezuelen einfach näischt.

D'lescht Joer goufen hei am Land 960 Faillite gesprach an da kréie mir rapportéiert, dass iwwer 700 Millioune Euro TVA net un de Staat ofgefouert goufen. Dat ass skandaléis, well d'Clienten hunn déi TVA bezuelt. Mä erwaart iech net, dass do ee Remedur schaaft.

Déi grouss Gesellschaften déi international aktiv sinn déi hu meeschtens kee Problem mat de Steieren, déi bezuele ganz legal guer näischt, well se allméiglech Finanznischen ausnotzen.

E Beispill. Dee belsche Steiersaz fir Gesellschaften läit bei 33%. Wann een dann d'Steiere kuckt déi agezu ginn da läit den effektiven Taux um Enn bei 13% ! Hei am Land huet nach keen dat gerechent, mä et wäert net anescht sinn. Dat bréngt vun eis heibanne kee fäerdeg.

Wann d'Betriiber keng Steiere méi bezuelen da mussen d'Leit se bezuelen. Dat ass och vill méi einfach. Eng Finanztransaktionssteuer wäert net agefouert ginn, well d'Bankeplazen an d'Finanzministeren aus deene Länner alleguer dergéint sinn. Da gëtt eben déi sozial ongerecht TVA erhéicht.

D'Schoul

Wann an der Schoul d'Bewäertung vun de Kanner ofgeschaaft gëtt da muss se natierlech am Beruffsliewen agefouert ginn. Jiddefalls esou laang wéi et nach héich Paie ginn. Wéinst der Kompetitivitéit muss de Präis vun der Aarbecht jo méiglechst déif gehale ginn. Fréier war d'Zil vun der Schoul fir jonk Leit erauszekréien déi eppes kënnen. Haut huet d'Schoul als Zil fir méiglechst vill bëlleg Aarbechtkraaft ze produzéieren. Dat geet nëmmen andeem een d'Lat vun der Leeschtung ëmmer méi déif leet.

Déi intelligent Kanner hunn domat kee Problem. Déi wëssen nom 4. Cycle am Fundamental souwisou méi wéi de Schoulmeeschter/Léierin an op Première méi wéi de Prof. Dat ginn dann déi 10 bis 15% „Décideuren“ déi op d'Uni ginn an herno op Glanzpabeier am Paperjam ze fanne sinn. Mä vill vun deenen anere jonke Leit bleiwen op der Streck a komme vun der Schoul direkt an de Chômage. An dee muss mat alle Mëttelen héich gehale ginn. Dat ass de Garant fir niddreg Léin.

Mëttlerweil si mir och hei zu Lëtzebuerg an der Situatioun, wou jonk Leit mat 2 Paien sech keng Wunnécht méi leeschte kënnen. Mä dat ass net schlëmm well den Här Thelen vun der Chambre de commerce huet d'Léisung parat: Déi jonk Leit solle loune goen da brauchen se keng Egemëttel...

Héije Chômage erreicht een och wann een den Antrëtt an d'Pensioun no hanne réckelt, well da ginn jo keng Plaze fräi fir déi Jonk.

D'Pensiounsreform

Op kengem anere Gebitt gëtt esou geflunkert wéi bei der Pensiounsdiskussioun, a Patronatskreesser, bei de Majoritéitsparteien a leider och bei den Oppositiousparteien. D'Pensiounsreserven sinn de Moment op engem Stand vun 11 Milliarden Euro. Dat entsprécht ongeféier der Héicht vun engem ganze Staatsbudget. Et ass just ze hoffen dass d'Pensiounsreserve gutt ugeluecht sinn...

Mä d'Patronsverrieder ginn net midd ze erzielen, wann elo näischt géif ënnerholl ginn, da wieren déi Reserven an 10 Joer opgebraucht. Wien dat gleeft dee kann net rechnen.

An da ginn Héichrechnungen opgestallt vun 1 Millioun Salariaéen an enorme Staatscholden am Joer 2050 ! Dorop gëtt et nëmmen eng Äntwert an dat ass déi, dass et onméiglech ass iergendeppes bis 2050 virauszeseen. Beim Staatsbudget leien se an engem Joer schonn 10% oder ronn eng Milliard dernieft.

A wann de Pensiounssystem sech wierklech net méi sollt droen, da mussen eben d'Cotisationsen gehéicht ginn. Esou einfach ass et, mä dat wëll d'Patronat net.

Et geet och rieds vun enger ëmmer méi héijer Liewenserwaardung. Wann dat alt stëmmt. An Amerika an a Japan geet d'Liewenserwaardung schonn nees zreck. Dat ass besonnesch de Fall wann et guer keng oder ëmmer manner staatlech Sozialversécherung gëtt. Dat gëtt et och schonn hei am Land wou Leit op medezinesch Leeschtunge verzichte, well d'EEgebedelegung hinnen ze deier ass. Frot emol en Zänn Dokter.

Bei der Pensiounsreform ass et genee wéi mat de Reformen an der Fonction publique. Et ass eng Spuermoosnam an d'Zukunft. Méi laang schaffen oder manner erauskréien, oder béides. An dat wat feelt solle mir dann awer w.e.g. iwwer den drëtte Pilier selwer uspieren. Dat hëlleft deenen aarme Banken a Versicherungen.

D'Reformen an der Fonction publique an Europa an hei zu Lëtzebuerg

De Bankesecteur mécht zu Lëtzebuerg 38% vum PIB aus. Et muss awer och eemol gesot ginn, dass de Secteur public hei am Land ëmmerhin 42% vum PIB duerstellt. Domat läit Lëtzebuerg an der Moyenne vun den EU-Länner. An awer gëtt d'Fonction publique meeschtens als banalen Ausgabeposten ugesinn. An dowéinst besteet a ganz Europa d'Tendenz ëffentlech Servicer ze privatiséieren, Staatsbeamten ofzebauen oder wéi zu Lëtzebuerg bal keng méi anzustellen.

Fir Geld ze spuere ginn allméiglech Reforme lancéiert, Strukturreforme wéi dat dann sou schéin heescht. Zu Lëtzebuerg wëll d'Politik ëmmer alles am Konsens léisen, fir d'Responsabilitéit op aner Schëlleren ze leeën an sech doduerch wa méiglech schuedfräi ze halen. Den amerikanesche Philosoph Noam Chomsky nennt dat: La fabrication du consentement. Esou en Exercice ass d'lescht Joer an eiser FP iwwer d'Bühn gaangen a gouf dës Woch ofgeschloss. A schonn huet d'Beamtenhétz nees Héichkonjunktur am Land...

Dee Kaderaccord betrëfft awer nëmmen den Intérêt général an net den Intérêt vun den eenzelne Carrièren, wou fir d'Redakturen eleng d'AGC zoustänneg ass.

Mir haten an de leschte Jore scho méi wéi eng Generalversammlung wou mir pessimistesches waren iwwer d'Zukunft vun eiser Carrière. Dat ass noutgedrongen och dëst Joer de Fall, well de "Coup de grâce" ass nobäi. Deen eenzegen Trouscht sinn nach e puer Liichtblécker fir déi Redakteren déi haut op engem Poste à responsabilité sëtzen. Mä och do hu mir nach Differenze mat der Regierung.

Eent ass kloer - an der Verwaltung wäerten d'Redakturen an Zukunft net méi déi Roll spillen, wéi dat an de leschte 50 Joer de Fall war, an déi jonk Redaktere wäerten och net méi déi Carrière maache, wéi dat bis elo de Fall war.

D'Ëmsetze vum Bolognaprozess an der FP bedeit also fir d'Carrière vum Redakter dat historiescht Enn vun hirer Glanzzeit.

Mir waarden elo nach op déi schrëftlech Äntwert vum Minister vun der FP an op d'Invitatioun fir eng weider Entrevue. Dobäi wäerte mir eis awer net zefridde ginn dem Minister seng Litanei eng drëtte Kéier nozelauschten. Wann dobäi net dat erauskënnt wat mir gefrot hunn, da wäert deen neie Comité vun der AGC schonn no kuerzer Zäit eng Décisioun ze huele kréien iwwer e Litige mat der Regierung.

Wéi gesot eise Generalsekretär informéiert iech herno am Détail iwwer de Reformpak an der FP a besonnesch iwwer déi Texter déi d'Carrière vum Redakter betreffen.

Domat sinn ech um Enn vu menger Allocutioun ukomm.

Ech soen Iech merci.